Dikrich, de 17. September 2011

Léif Éieregäscht,
Léif Kollegen aus dem Schäfferot,
Léif Membere vum Gemengerot,
Léif Mataarbichter aus dem *groupe de travail*,
Léif Frënn vum Musée d'Histoire[s] Diekirch,

Endlich ass et su wäit.

Deen neien Dikricher Geschichtsmusée mécht haut seng Dieren op.

Et schéngt, mat dem Musée ass et wi mat dem Wäin. Wat e mi laang läit, wat en ëmmer besser gëtt. No 5 Jar Plangen, Bauen an Ariichten ass en elo zeidig an huet säin Optimum erreecht. Duerfir maache mir de Musée d'Histoire[s] Diekirch oder MH[s]D haut op. Hee läit matzen an Dikrich, am Häerz vun der Geschicht, niewent där aler, dausendjähriger Kiirch, déi eis haut den Nomëttig *zur Feier des Tages* hei ophëlt; heen zielt Geschichten a weist Zäitzeien vun Dikrich an Ëmgéigend.

### I) Des mosaïques orphelines

De Gemengerot huet am Jar 2003 beschloss, eng nei Schoul ze bauen. De Projet vun där neier Zentralschoul huet virgesinn, nei Gebaier fir d'Maison Relais, d'Spillschoul an d'Turnstonnen opzeriichten. Di fréier Meederchersschoul, d'Jongeschoul an di al Hotelschoul sollte radikal entkärt ginn fir se duerno vum Keller bis op de Späicher rëm nei opzebauen.

Am Keller vun der Jongeschoul luchen di réimisch Mosaiken, di an de Jaren 1926, 1950 an 1980 op der Esplanade fonnt goufen. An där neier Schoul war keng Plaz méi fir d'Mosaiken, fir déi also eng nei Ausstellungsplaz huet misse su séier wi méiglich fonnt ginn. Et muss een allerdéngs zouginn, dass den Intressi fir di réimisch Mosaiken net allzegrouss war.

D'Ursaach dovu war op där enger Säit eng steril an onfrëndlich Szenographie an op där anerer Säit eng strategisch ongënstig Lag. De *Musée des mosaïques romaines* luch nämlich wäit ewech vum historischen an touristische Kär vun der Stad Dikrich.

En plus waren d'Mosaiken an engem ganz schlechten Zoustand : D'Fiichtigkeet ass vun ënne rop an d'Mosaike gezunn, konnt awer net no uewe verdonsten well all di kleng Stengercher mat engem waasserdichte Vernis iwwerzu waren. Doduerch hu sich eng Abberzuel vu klenge Steng riichtewech selwer opgeléist oder si regelrecht zergrimmelt. Et war also héich Zäit fir d'Mosaike konstgerecht ze restauréieren an sou ze preparéieren, dass si an engem neie *Musée des mosaïques romaines* kéinten ausgestallt ginn.

Doropshin huet de Gemengerot 2006 eng Konventioun mat dem *Musée National d'Histoire et d'Art* um Fëschmaart, vertrueden duerch den Direkter Michel POLFER, ënnerschriwwen: Di Dikricher Mosaike sinn an de Besëtz vum MNHA iwwergaang, deen d'Restauratioun iwwerholl huet a sich engagéiert huet, der Stad Dikrich d'Mosaiken zäitlich onbegrenzt z'iwwerloossen fir si op eng intressant, sécher an historisch korrekt Art a Weis auszestellen. Ëm d'Restauratioun vun de Mosaike selwer huet sich den Här Rainer FISCHER, Restaurator am MNHA, mat vill Gedold gekëmmert.

## II) Une architecture métamorphosée

Fir d'Mosaike su séier wi méiglich rëm ënner Daach ze kréien hat d'Gemeng d'Haiser PUTZ a GILLAIN an der Béiergaass kaaft. Di zwee Haiser leien niewent dem fréiere Paschtoueschhaus, dat jo an Zwëschenzäit als Kulturhaus ageriicht gi war an an deem regelméissig Ausstellungen ofgehale ginn. Dee ganze Site war am Fong wi gemaach fir di réimisch Mosaiken opzehuelen, well jo de Bau vun där Aler Kiirch selwer deelweis aus der Réimerzäit staamt. Et war virgesinn, just véier Maueren, also di viischt an di hënnischt Front vun deenen zwee Haiser, stoen ze loossen an doran deen neie Mosaiksmusée anzeriichten. De Mosaik mat der « *Vexiermaske* » oder « *Wendekopf* » sollt op de Buedem am Keller leie kommen. Um Rez-de-chaussée an um éischte Stack haten d'Architekten an der Mëtt eng grouss Öffnung virgesinn, an där deen zweete Mosaik, de *Léiwemosaik*, hätt kënnen *à la verticale* opgehaang ginn. Een ënnerirdische Passage sollt een direkten Accès zu der Krypta vun der Aler Kiirch erméiglichen, déi duerch deen Artifice een Deel vun deem neie Musée gi wär. Dräi *Cours anglaises* oder Liichtschächt sollten d'Sonneliicht bis an de Keller raloossen, an d'Mosaike wäre praktisch am Dagesliicht ausgestallt ginn. Sou huet deen initiale Projet vun den Architekte Marianne ELCHEROTH a Romain THILTGES ausgesinn.

Nodeems di Haiser PUTZ a GILLAIN entkärt waren an den MNHA mat den archeologische Gruewunge fäerdig war, huet sich rausgestallt, dass d'Maueren an

d’Fundamenter vun deenen zwee Haiser baufällig waren. Et war also net méiglich, dat aalt Gemaier sou wi virgesinn ze erhalen an doran deen neie Musée anzeriichten. Doropshin sinn d’Mauere wechgerappt ginn an et sinn nei Fundamenter gegoss ginn. Mee et koum nach schlëmmer. D’Fundamenter vum fréiere Paschtoueschhaus waren nämlich grad sou wackelig an hunn och missen erneiert ginn.

D’Kulturhaus gouf kuerzer Hand op Stelze gesat fir di al Maueren op een neien, stabile Sockel kënnen ze hiewen. Zousätzlich gouf dat ganzt Ëmfeld mat Micropieuxen befestigt. De Virdeel vun deem obligatorischen Neibau vum Musée war, dass et doduerch méiglich ginn ass, di zwee Haiser, d’Kulturhaus an deen neie Musée, op gläichen Niveau ze setzen an de Verspronk op all Stack, deen den Accès sou onendlich schwéier a komplizéiert gemaach huet, auszegläichen, sou dass et net mi noutwendig war mat Zwëschenniveauen ze schaffen. Doduerch dass nach een zweete Stack op den neie Musée drop gesat gouf, kruten di zwee Haiser och nach een ähnliche Gabarit. Alles dat erklärt – ënner anerem – firwat deen initiale Budget net duergaang ass fir dee neie Musée opzebauen an anzeriichten.

D’Entscheedung vun 2005, de Musée ganz nei opzebauen, huet natiirlich d’Philosophie vun der Architektur vum Musée radikal op d’Kopp gehäit : Eng nei **Façade ganz aus Glas** mécht de Musée hell an duerchsichtig, vu baussen no bannen a vu bannen no baussen. Di Al Kiirch spigelt sich duerch di gleese Façade an de Musée ran, a gëtt doduerch dat éischt an dat wichtigst Ausstellungsstéck vum ganze Musée. Si ass ee festen an onverréckbaren Deel vum Musée, no bannen an no baussen. De Guy DOCKENDORF, zu där Zäit *directeur général des affaires culturelles* am Kulturministär, hat de Jean-Michel WILMOTTE, een dichtigen paräiser Architekt, op de Chantier vum Musée bestallt fir säin Avis zu där dach ongewinnter an och kontestéierter gleesener Façade ze héieren. De Schäfferot huet dem Jean-Michel WILMOTTE dat neit aktualiséiert Konzept vun der Museumsarchitektur ënnerbreet a konnt hee vum Prinzip vun der Transparenz an der Ouverture no bannen an no baussen iwwerzeegen. Hee war sou begeeschtert vun der Iddi, di Al Kiirch virtuell an de Musée ranzezéien, dass hee suguer virgeschloen huet, dem Musée och eng gleese Façade zu der Béiergaass hin ze verpassen an doduerch d’Transparenz vum Musée nach ze steigeren. De Musée wär duerch an duerch duerchsichtig ginn, d’Enveloppe hätt sich opgeléist an den Inhalt hätt sich fräi vun Zäit a Raum duergestallt.

Mol ofgesi vum Prinzip vun der absoluter Transparenz, war de Schäfferot net sou begeeschtert vun där gleesener Südfaçade, well hee gefaart huet, dat villt hellt a grellt Dagesliicht wär ongesond fir di präziös a fragil Ausstellungsstécker. Op där anerer Säit huet de Schäfferot awer ganz gären dem Jean-Michel WILMOTTE säi Virschlag opgegraff fir d’Héicht vum Liftschacht, deen och aus Glas sollt sinn, an d’Héicht vun der Corniche openeen ofzestëmmen.

Op all Stack besteet eng **direkt Verbindung** tëschent dem Musée an dem Kulturhaus. Et läit deemno op der Hand, eng gemeinsam Gestioun an Direktioun fir di zwee Haiser virzegesinn. Dass dat eng gutt Iddi ass, huet sich schon am Jubiläumsjar 2010 rausgestallt, wou mir di grouss Retrospektiven vum Henri DILLENBURG a vum Michel HEINTZ an der Galerie vum Kulturhaus haten. Di gemeinsam Funktionalitéit vum Musée an dem Kulturhaus gëtt zousätzlich duerch dee gemeinsamen Entréesberäich an deen zentrale Lift ënnerstrach.

Am **Keller** ass d'Ausstellungsfläch an dräi Sektiounen ënnerdeelt, déi sich perfekt hierginn fir spezifisch Themen ze behandelen : d'Krypta vun der Aler Kiirch, de Keller vum Musée an de fréiere Keller vum Kulturhaus an deem no där opwenniger an deierer Restauratioun och di gemeinsam technisch Installatioune vum MH[s]D a vum Kulturhaus ënnerbruecht sinn.

Am Ufank war jo virgesinn, dass d'Visiteuren am Keller vum Musée een direkten Accès zu der **Krypta** vun der Aler Kiirch kréie sollten. Suwuel d'*Commission des Sites et Monuments* wi och d'Direktioun vum *Musée National d'Histoire et d'Art* waren awer net domat averstan, fir eng Brèche an di réimisch Fundamenter vun der Aler Kierch ze schloen an duerch déi Öffnung d'Visiteuren an d'Krypta ranzeloossen. Well d'Fundamenter schlussendlich integral erhale bliwwe sinn, ass et net mi méiglich, direkt vum Musée an d'Krypta ze kommen. Eng eisen Trap féiert de Besuch rop op den Niveau vun deem réimische Bau an deem oder op deen spéiderhin di Al Kiirch opgebaut ginn ass. Vun do huet de Public een direkten Abléck an d'Krypta déi mat enger neier Beliichtung equipéiert ginn ass. Fir déi Leit, deenen di Trap zevill beschwéierlich ass, gëtt eng Dokumentatioun iwwert d'Krypta op en Televisiouns-schierm projezéiert, deen niewent dem *Sas* virun der Krypta montéiert ass.

Um **<u>Rez-de-chaussée</u>** erlaabt eng véiereckig Ouverture am Buedem een direkte Bléck vun uewen erof op de Mosaik, deen am Keller vum Musée ausgestallt ass. Op där enger Säit mécht dat Lach d'Austellungsfläch um Rez-de-chaussée wesentlich mi kléng, op där anerer Säit erlaabt et awer och d'Installatioun vun engem symbolische Bam aus Glas, deem seng Wuerzele bis wäit an de Keller vun der Zäitgeschicht rareechen. Mat enger ganzer Phalanx vu Vitrinen an Totemen ass et dem Museograph an de Szenographe gelongen, de Rez-de-chaussée trotz deene raimliche Contrainten als *plaque tournante* vum ganze Musée z'organiséieren.

Um **<u>éischte Stack</u>** stung eng uniform Ausstellungsfläch zur Verfügung, déi op eng ganz originell Art a Weis genotzt a miwwléiert ginn ass.

Fir dem Jean-Michel WILMOTTE seng Iddi opzegräifen, guff um **<u>zweete Stack</u>** no Süden hin eng breet Fënstersträif ënnert dem Daach agebaut. Vun hei aus kann ee mat enger Spektiv den Däiwelselter gesinn.

Genau wi d'Architektur sou huet sich och d'Ausstellungskonzept vum MH[s]D geännert.

### III) Une muséographie créée de toutes pièces

Beim Plange vum neie Musée huet sich lues a lues rausgestallt, dass et net géif duergoen, deen een oder anere réimische Mosaik auszestellen fir een attraktive Geschichtsmusée ze maachen, deen ee méi wi eng Kéier kucke geet. Dobäi koum, dass den Zoustand vun de Mosaike sou schlecht war, dass et net méiglich war, de Léiwemosaik, sou wi virgesinn, senkrecht an di Ouverture am Buedem vum Rez-de-chaussée a vum éischte Stack ze hänken.

All déi Leit déi sich fir d'Geschicht vun Dikrich intresséieren a mat deene mir Kontakt haten, ob dat Amateur-Historiker oder Geschichtsprofessere waren, hunn eis encouragéiert eis net nëmmen op di réimisch Period vun der Dikricher Vergaangenheet ze beschränken. Am Géigendeel. Mir sollten eis trauen een historische Panoptikum ze plangen an opzeriichten, deen ee festen an liewige Bestanddeel vum kulturelle Liewen zu Dikrich an Ëmgéigend sollt ginn.

Et ass jo bekannt, dass hei zu Dikrich di eenzel Periode vun der Geschicht kontinuéierlich dokumentéiert sinn ; et sinn eben net nëmme réimisch Mosaiken hei fonnt ginn. Zeien aus aneren, méi alen a méi rezenten Zäite schreiwen an illustréieren eng fortlafend Biographie vun der Stad Dikrich an Ëmgéigend. Duerfir muss ee Geschichtsmusée vun Dikrich, dee sengem Numm wëllt gerecht ginn, op ee Konzept opbauen, dat suwuel chronologisch wéi och territorial méi wäit reecht wéi di réimisch Mosaike vun der Esplanad. Aus der « *Ausstellung vun engem réimische Mosaik deen zu Dikrich fonnt gouf* » war « *eng Zäitrees duerch d'Stad an d'Ëmgéigend vun Dikrich* » ginn.

Mir hunn een neit Museumskonzept an eng modern, dynamisch an interaktiv Scenographie gebraucht, allebéid am Déngscht vun enger konkreter Pädagogik : Duerch de Kontakt mat der Geschicht sollte virun allem di jonk Leit e Gespier kréie fir eise Patrimoine, fir dat wat *wäertvoll* – also voll Wäert a Sënn – an erhalenswäert ass. Doraus ergëtt sich zwangsläufig eng Perspektiv fir d'Zukunft.

De Schäfferot huet dem Carine WELTER, enger jonker Archäologin, den Optrag ginn, ee Globalkonzept fir deen neien, chronologisch an territorial erweiderte Musée auszeschaffen. Fir di prinzipiell Ausriichtung vun der Museographie ze definéieren, huet si mat engem Grapp voll fräiwëllige Mataarbichter een Aarbichtsgrupp op d'Been gestallt, ass eng Rei vun ähnliche Muséeë kucke gaang an huet Kontakt mat enger ganzer Abberzuel vu Spezialisten – vun hei an aus dem Ausland – opgeholl fir vun hinne gewuer ze ginn, wat si sich ënnert sou engem Musée géife virstellen.

Suwuel d'Carine WELTER wi och den Aarbichtsgrupp hu sich éischter als Nolauschterer an Erzieler gesinn, wéi als reng Akademiker. Si hate sich virgeholl, Geschichten ze erzielen, lauter kleng Anekdoten déi all zesummen d'Geschicht vun Dikrich an Ëmgéigend ausmaachen. Deemno bleift eis och konzeptuell d'Bild vum

Mosaik erhalen : Aus dem *mosaïque, objet exposé* gëtt ee *mosaïque, concept de museé.* Tant mieux.

Dat neit Museumskonzept huet sich besonnisch d'Kanner als *public cible* rausgesicht. Mee, di Jonk fir Geschichten a Geschicht z'intresséieren, ass net sou einfach. Duerfir brauch een hautdesdaags eng spillerisch an interaktiv *mise en scène* oder Szenographie, déi op all di modern Kommunikatiounsmëttel zréckgräift. Och hei huet de Schäfferot Spezialisten domat beoptragt dat vum Aarbichtsgrupp ausgeschaffte Konzept an eng flott, klar an allgemeng verständlich Sprooch ëmzesetzen. D*'mise en scène* déi zesumme mat FORMAT ausgeschafft gouf adresséiert sich un dem Visiteur seng fënnef Sënner : Kucken, lauschteren a fille soll de Visiteur op senger Rees duerch d'Zäit, déi zu Dikrich fortgeet an zu Dikrich ukënnt : eng Zäitrees, eng Studierees, eng Entdeckungsrees, eng Vakanzerees, eng Abenteuerrees oder eng Pilgerrees ; alles ass méiglich. Wéi hee vun Dikrich op Dikrich kënnt, décidéiert de Visiteur ganz eleng : Le *visiteur* devient *voyageur*.

D'Museumskonzept vum MH[s]D beschränkt sich allerdéngs net op di Objeten di am Musée selwer ausgestallt sinn. Véier verschidde *Projets connexes* sollen de Visiteur vum MH[s]D op senger Zäitrees op Schratt an Tratt begleeden : den Internet-Site, den audio-guidage, de parcours extra-muros an d'ateliers pédagogiques.

Den MH[s]D huet sich ee performanten an interaktiven <u>**Internet-Site**</u> ginn, deen eng virtuell Visite vum Musée ubitt an een Agenda fir wëssenschaftlich Manifestatiounen oder Publikatiounen, awer och eng Plattform fir den Austausch vun Iddien a Meenunge ronderëm de Patrimoine vun der Stad an der Regioun soll sinn.

D'Software fir den <u>**Audio-guidage**</u> guff vum Bruno PINTO op d'Mooss fir den MH[s]D gemaach. Een ähnliche Programm gëtt et op der ganzer Welt nach net. Bei der Hardware hu mir eis fir den *iPod touch* entscheed. Dee klengen Apparat – eis Kanner wëssen alleguer domat ëmzegoen, besser wi mir – kann *à la carte* gelueden a programméiert ginn : ee *Parcours chronologique*, zum Beispill duerch d'*Mëttelalter* oder ee *Parcours industriel*, deen zum Beispill all di verschidde Brauereien an der Stad Dikrich opzielt an uweist oder awer ee *Parcours événementiel*, deen zum Beispill all Fakten aus de Kricher dokumentéiert déi sich hei zu Dikrich ofgespillt hunn. D'Schoulmeeschteren an d'Professeren kënnen een didaktische Parcours am Viraus definéieren sou wéi dat an hire Schoulprogramm rapasst.

Wann een di Al Kiirch virtuell an de Musée ranzitt an den Däiwelselter mat der Spektiv vum zweete Stack vum Musée aus kann inspizéieren, da läit et op der Hand fir niewent der permanenter Ausstellung *im Hause* zousätzlich ee <u>**Parcours extra-muros**</u> ze proposéieren. Hei kann ee sich di sëlligen Objeten déi *in vitro* am MH[s]D ausgestallt sinn, och *in vivo* während enger Promenade duerch Dikrich an Ëmgéigend ukucken. Och hei leet den Audio-guide ee sécher vum *Däiwelselter* op *d'Päerdsrennen*, da bei di *huel Wedd*, de *Wäschbuer*, di *al Schwämm*, net ze vergeessen *d'Päerdskaul*, *d'Kamellefabrik*, de *Scala* an de *Caméo*, de *Fortschritt*,

*d'Glyco*, *d'Villa Conter*, *d'Macid*, *d'Bous*- an *d'Vanneruskapell*, *d'Rëmpelstëmp*, *d'Hal* an den *ale Prisong*, *d'Pieta* an de *Bommenzinnes*, den *Neelches*- an de *Huelewee,* fir nëmmen déi ze nennen.

Dee véierte Projet connexe, d'**ateliers pédagogiques,** well ech hei nëmme just ernimmen an ech iwwerloosse ganz gären dem iwwernächste Riedner d'Aufgab fir méi am Detail heirop anzegoen.

## IV) La Gestion

Loosst mech nach ee Wuert zu der Gestioun vum MH[s]D soen. Op Wonsch vum Bob KRIEPS, *directeur général* am Ministère de la Culture an Nofolger vum Guy DOCKENDORF, denkt de Schäfferot drun, enger Association sans but lucratif d'Gestioun vum MH[s]D unzevertrauen. Et ass virgesinn, eng *convention tripartite* tëschent dem Kulturministär, der Stad Dikrich an der Asbl MH[s]D ofzeschléissen.

Niewent dem MH[s]D gëtt et zu Dikrich nach eng Rei aner Muséeën, déi zum Deel hier Stammklientel hunn an och dat kulturellt Liewe vun der Stad Dikrich beräicheren. Dat sinn de *Musée National d'Histoire Militaire,* deen an der Aler Brauerei am Bamerdall ënnerbruecht ass, de *Conservatoire National de Véhicules Historiques* an de *Musée de la Brasserie de Diekirch,* déi allenzwee an der fréierer *Fabrique de voiture* vum Jean WAGNER am Gruef doheem sinn, de *Beiemusée* an der Frebsou an de *Computarium*, dee logischerweis am Dikricher Kolléisch een Ënnerdaach fonnt huet.

Fir d'Zesummenaarbicht tëschent den Dikricher Muséeën auszebauen, haaptsächlich um Plang vum Marketing, der Kommunikatioun an dem Ënnerhalt, sollen di eenzel Museumsstrukturen sich ënnert engem Hutt federéieren ouni hir partikular Identitéit mussen opzeginn. Fir unzefänke geschitt dat op engem reng lokale Plang, mi spéit awer och – Nordstad-Masterplang-konform – op regionalen Niveau. De Masterplang NORDSTAD seet nämlich : „*Vorstellbar wäre auch die Verknüpfung der bestehenden Museen der Nordstad, die heute ehrenamtlich betrieben werden. Durch die Neuausrichtung und Professionalisierung dieses Bereiches könnte eine attraktive Museumslandschaft entstehen.“*

## V) Les Perspectives Culturelles

Ech giff nach gäre vun der Geleeënheet profitéiere fir e puer Wuert iwwert d'Perspektive vun de kulturellen Infrastrukturen hei zu Dikrich ze soen.

D'Coursë vum **Conservatoire de Musique du Nord** hei zu Dikrich ginn de Moment op aacht verschiddene Plazen a Gebaier gehalen, déi meestens net duerfir

gemaach sinn. De Gemengerot huet dem *avant projet sommaire* zougestëmmt dee virgesäit, all d'Musikscoursen op engem Site an zwar an der Sauerwissschoul ze konzentréieren. D'Gebailichkeeten di nach bis 2016 un de Norstadlycée verpacht sinn, sollen ëmgebaut an duerch eng Annex fir modern Musik an engt neit Danzhaus ergänzt ginn. Et läit an der Logik vum CMN dass grad hei zu Dikrich een neit Danzhaus gebaut soll ginn, well den Danz dat Departement ass dat säit enger Rei vu Jaren d'Renommée an de Succès vum Site Dikrich ausmécht.

Doduerch dass den *enseignement musical* an Zukunft sich op de Site Sauerwissschoul konzentréiert, ginn d'Wirtgensschlass an dat aalt Stadthaus fräi.

Am **Wirtgensschlass,** hei hannendrun, wäert de Service culturel communal, d'Direktioun, d'Administratioun, d'Atelieren an d'Reserve vum MH[s]D ënnerbruecht ginn.

Am **ale Stadhaus** gëtt ee « Veräinsbau » ageriicht : D' *Philharmonie municipale de Diekirch* kritt hei hire Proufsall genau wi all di aner Gesanks- a Musiksveräiner. Versammlungssäll, Atelieren an ee klengen Auditorium sinn och ageplangt.

Beim ***Centre d'Archivage et de Documentation Régional du Nord*** handelt et sich ëm ee regionale *projet pilote* dee bis zuletzt nëmme ganz lues vun der Plaz komm ass. Well dee Projet leider net den Appui vun allen Nordstad-Gemengen huet, well et awer ganz wichtig an dringend ass, di Onmass vun historisch wäertvollen, zum Deel onersetzbaren an net dokumentéierte Schrëftstécker *suivant les règles de l'art* ze konservéieren, hunn di zwou gréissten Nordstad-Gemengen, Dikrich an Ettelbréck, zesummen hier regional Verantwortung iwwerholl a mat dem Kultur-ministär an den *Archives nationale*s eng *cellule de démarrage* fir den CADR_N an d'Liewe geruff a mat engem Posten Archiviste dotéiert. Dëse Posten wäert an den nächste Wochen ausgeschriwwe ginn a kann deemno Enn dës Jars mat der Aarbicht ufänken.

Net ouni Grond hu mir de Maurice CLEMENT, Titularorganist vun der Dikricher Dekanatskiirch, gefrot, de musikalischen Encadrement vun dëser Feier z'iwwer-huelen. Heen, dee sich Sonndig fir Sonndig mat enger Uergel rëmplot déi am Gaang ass lues awer sécher de Geescht opzeginn, weist eis hei di sëllige Facette vu sengem eemoligen Talent. Seng Prestatioun haut de Mëttig ass di beste Reklamm fir di **nei Uergel an der Dekanatskiirch**, ëm déi sich deen nei gegrënnten *Uergelbau-veräin Dikrich* këmmert.

Och d'Galerie sollt fir dës feierlich Deeg net eidel stoen.

Äer den nächste Samsdig fir d'Hierschtfest di grouss Ausstellung vun zäitgenössischer Lëtzebuerger Konscht – *Dodeka Echoi* – opgeet, weise mir an der

Galerie eng Rei vu remarquabelen Toilen a Gravuren, déi sich iwwert d'Jaren am Stadhaus ugesammelt hunn an dat verschéineren.

Um éischte Stack hu mir zousätzlich eng Installatioun opgebaut a weisen eng Projektioun vu Fotoen, Pläng a Grafiken déi de Werdegank vum MH[s]D dokumentéieren. Dat alles, fir den MH[s]D net am kulturfräie Raum stoen ze loossen an heen – au contraire – an ee würdigen historischen a kulturelle Kontext ze setzen. Och dat weist, dass déi Synergie déi mir fir den MH[s]D an d'Kulturhaus gesinn, duerchaus berechtigt an noutwendig ass.

Deen eenzige Wermutstropfen op dësem freedigen Dag ass de Fait, dass eng vun den dräi Sektiounen am Keller wéinst Liwwerschwierigkeeten leider net fäerdig ginn ass. Et ass mat Sécherheet déi Sektioun, mat där de Groupe de travail sich bei der Planung am längste beschäftigt huet.

Duerfir deet et eis besonnisch Leed, well och grad dëse Sall mat sengem *Rideau d'eau*, mat senger Klimafries vun der Uni Lëtzebuerg, mat sengem Buerkär vum Service de Géologie a mat senge sëllige Plateauen déi dat natiirlicht Ëmfeld vun der Stadt Dikrich am Floss vun der Zäit beschreiwen, eemolig spektakulär an intressant ass. Gleeft mir, et ass derwäert eleng wéinst där Sektioun di net fäerdig ass nach eng Kéier an den MH[s]D kucken ze kommen.

Ech wëll net ondankbar schéngen, mee et ass mir zäitlich net méiglich hei jidderengem deen op di eng oder aner Art a Weis un dem Opbau vun eisem Musée bedeeligt war perséinlich Merci ze soen. Mir wäerten di laang Lëscht an enger Brochure publizéiere fir si all sou ze éieren, wéi si et verdéngen a wéi et sich gehéiert. Erlaabt mir awer stellvertriedend – op dëser Plaz an elo – all eise Gemengeservicer Merci ze soen ouni déi mir eis haut de Mëttig net an der Aler Kiirch versammelt hätte fir d'Ouverture vum MH[s]D ze feieren.

Et ass een onverkennbart Zeechen, dass een dach um richtige Wee ass, wann ee gesäit wéi d'Leit vun all eise Servicer sich mat Leif a mat Séil fir dësen, eisen an hire Musée, agesat a begeeschtert hunn.

Dir Dammen, dir Hären, léif Frënn,

Fir ofzeschléissen, giff ech Eech gären zwee Zitater virliesen, dat éischt vum Ieoh Ming PEI, Architekt vum MUDAM op den Dräi Eechelen, an dat zweet vun der Madame Erna HENNICOT-SCHOEPGES, fréier Kulturministesch.

Den **Ieoh Ming PEI** sot : « *Les musées du passé avaient un rôle de conservation. Aujourd'hui, ils sont un instrument d'éducation du public et ils peuvent être une source d'inspiration.* » Et ass genau dat, wat de Groupe de travail, deen

d'Museumskonzept zesumme mam Carine WELTER ausgeschafft huet, sich zum Prinzip gemaach a während deem ganze Prozess ni aus den Ae verluer huet.

D'Madame **Erna HENNICOT-SCHOEPGES** huet sich folgendermoossen zum MUDAM geäussert : « *Les Luxembourgeois méritent ce musée. Il me plaît tant par le sentiment d'éternité, de luminosité qu'il dégage, que par sa dimension symbolique. Sa construction sur les fondations de la fortification de Vauban montre que le Luxembourg a su transformer une place forte en espace de paix.* » Iwwert den MH[s]D giff si mat Sécherheet dat hei soen : *« Les Diekirchois méritent ce musée. Il me plaît tant par le sentiment d'éternité, de luminosité qu'il dégage, que par sa dimension symbolique. Sa construction sur le site d'un ancien cimetière montre que la Ville de Diekirch a su transformer un lieu d'aboutissement et de souvenir en espace de réflexion et de projection. »*

Dir Dammen, dir Hären, léif Frënn,

Ech soen Eech Merci fir Är Gedold a wënschen Eech nach ee schéinen Nomëtteg.

Paul BONERT
Échevin des Affaires culturelles